ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI
Groupe parlementaire

Här Fernand Etgen
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 22. Januar 2020

Här President,

sou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, biede mir lech, dës parlamentaresch Fro un den Här Mobilitéitsminister, un den Här Policeminister an un den Här Finanzminister weiderzeleeden.

Mat der Aféierung vum gratis ëffentlechen Transport gëtt déi Diskussioun iwwer d'Kontrollen op de Garen, an den Zich an an de Bussen, besonnesch am Hibléck op d'Sécherheet vun de Passagéier, mee och z.B. am Hibléck op d'Qualitéit vun de Servicer ëmmer méi aktuell.

Vill Leit, besonnesch och Fraen, déi op verschiddenen Zuchstrecken nuets eleng an engem Waggon sëtzen, fillen sech dobäi net onbedéngt wuel. Fir si wär d'Presenz vu Beamten an Uniform a mat deenen néidege Kompetenze ganz sécher eng grouss Berouegung.

D'Kontrolleren hate jo bis elo och net nëmmen dono ze kucken, datt d'Leit hiren Ticket haten, mee si hunn ënner anerem och gekuckt ob d'Waggonen an d'Bussen an der Rei waren, wéi den Zoustand vun den Arrêten an aneren Infrastrukturen ass, wéi d'Chauffeure gefuer sinn, op d'Pénktlechkeet garantéiert war oder och ob op den Arrêten all néideg Affiche korrekt opgehaange waren.

Heiansdo goufen och mol zesumme mat der Douane cibléiert Kontrolle gemaach, déi dacks ganz gutt Resultater bruecht hunn.

Och hunn d'Kontrolleren d'Recht d'Identitéit vun engem Passagéier festzestellen, eppes wat fir Membere vun anere Verwaltungen zum Deel vill méi schwiereg ass.

Doweinst wollte mir dem Här Transportminister, dem Här Policeminister an dem Här Finanzminister dës Froe stellen:

1. Wéi wäit sinn d'Pläng vun der Regierung, fir d'Sécherheet op de Garen, an den Zich an an de Bussen an Zukunft ze garantéieren an ze verbesseren? Wéini gi wéi eng Moossnamen ëmgesat?

2. Wéi kann d'Effikassitéit vun de Kontrolle bei grenziwwerschreidende Persounentransporter verbessert ginn? Gëtt et do eng Zesummenaarbecht tëscht Police an Douane? Wéi eng Verwaltung üübt bei esou Kontrolle wéi eng Kompetenzen aus, z.B. bei Identitéitskontrollen oder enger Durchsichung vun de

Bagagen? Kënne Lëtzebuerger Police- an Douanesbeamte schonn am Ausland an e Bus oder an en Zuch mat Destinatioun Lëtzebuerg era klammen an do – eventuell an Zesummenaarbecht mat hiren auslännesche Kolleege – scho Kontrolle maachen?

3. Wéi eng Instanze kontrolléieren an Zukunft d'Fuerverhalen an d'Pénktlechkeet vun de Chauffeuren; den Zoustand vun de Waggonen an de Bussen; den Zoustand vun den Infrastrukturen an Arrêten; d'Pertinenz vum Affichage op den Arrêten?

4. Behalen d'Kontrolleren an Zukunft déi Kompetenz, Regiolinne weider ze kontrolléieren?

5. Wéi eng Agenten a wéi vill Agente sinn an Zukunft op de Garen uechtert d'Land an de Bussen an an den Zich fir de Passagéier kënnen Informatiounen ze ginn oder Reklamatiounen entgéint ze huelen? Op wéi enge Garen, besonnesch och am ländleche Raum, ass an Zukunft zu wéi engen Zäiten d'Presenz vun engem CFL - Beamte garantéiert?

6. Wéi gëtt an Zukunft sécher gestallt, datt d'Passagéier sech an engem Bus oder an engem Zuch wuel spieren – och natierlech an der zweeter Klass – an dat si net belästegt ginn? Ass genuch Personal disponibel fir, wann néideg, anzegräifen an eng Persoun kënnen op enger onzweiwelhafter legaler Grondlag aus engem Zuch oder Bus ze weisen?

Mat déiwem Respekt,

Fernand Kartheiser

Deputéierten

Jeff Engelen

Deputéierten